

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Paperjam ass an engem Bericht iwwert d'Situatioun vun Arcelor Mittal vum 28. Januar nieft ganz interessante Chifferen ze liesen, datt de Stol-Produzent aktuell e Partner fir säi geplangte Siège um Kierchbiérg sicht, an dëst esou wuel fir de Financement wéi fir d'Beleegung vum Gebai. «Nous sommes en train de chercher un partenaire qui aimerait se joindre à nous pour assurer à la fois l'occupation et le financement de ce bâtiment», gëtt hei de head of country Luxembourg vun ArcelorMittal zitéiert. Dat Zitat ass intressant, well jo Arcelor seng Personalaspuerungen ënner anerem mat der Gréisst vum Siège argumentéiert huet, dee si elo och nach wëll mat engem Mat-Investisseur deelen.

An deem Zesammenhank hätt ech dës Froen un den Här Wirtschaftsminister:

1. Ass no der Tripartite de Verbleif vum Haaptsätz vun ArcelorMittal zu Lëtzebuerg assuréiert?
2. Ass de Verbleif vun de fënnef Produktiounssite vun ArcelorMittal hei am Land laangfristeg garantéiert?
3. Duerch wat fir Verträge ass ArcelorMittal nach un de Standuert Lëtzebuerg gebonnen?
4. Wat fir Garantien an Zousoen, déi Mittal beim Kaf vun Arcelor der Lëtzebuenger Regierung ginn huet, wierke sech nach op déi aktuell Tripartite-Diskussiounen aus?
5. Wat fir Garantien an Zousoen aus dësem Vertrag oder dëse Verträge sinn zënter dem Kaf vun Arcelor an der Schafung vun ArcelorMittal net respektéiert ginn?
6. Wat fir Garantien an Zousoe ginn aus de bestoenden öffentlechen an net öffentleche Verträge ervir, déi de Fortbestand vun engem reell funktionéierenden Haaptsätz als Haaptmotor vun der Firmepolitik festschreiwen, dee méi ass wéi just e symbolesche Geste oder e fiskale Choix?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten